



N° 6391
Reçue le 22.06.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.06.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Am Joer 2021 grad ewéi an deenen éischte Méint vun dësem Joer hunn zu Lëtzebuerg reegelméisseg Manifestatioune stattfonnt. Dës Manifestatioune sinn ëmmer vun der Police ofgeséichert ginn, fir d'Manifestanten an och d'Matbierger ronderëm d'Manifestatioun ze schützen an och Materialschied ze vermeiden. An deem Kader si mengen Informatiounen no eng considerabel Zuel un Iwwerstonne vu verschiddene Beamten a Beamtinne gelescht ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Iwwerstonnen hu Beamtinne vun der Police, déi fir d'Manifestatioune zoustänneg waren, ugesammelt?
2. Wéi vill vun dësen Iwwerstonne goufen era geholl?
3. Wéi vill vun dësen Iwwerstonne goufen ausbezuelte?
4. Wéi vill vun dësen Iwwerstonne sinn nach net ausbezuelte ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député





Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 6391 vum 22. Juni 2022 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen

Ad Fro 1):

Et ass net méiglech eng generell Äntwert op dës Fro ze ginn, well d'Police keen Zentralregister fir esou Stonnen huet. Heifir missten all eenzel Asätz recherchéiert ginn an d'Stonnen vun den Agenten individuell zesumme gerechent ginn.

Zousätzlech Informatiounen zum Calcul vun Arbeschtstonnen befanne sech an den Äntwerten hei drënner.

Ad Froen 2) 3) 4):

D'Aféiere vum sougenannten Zäitspuerkont (CET), huet eng quasi individualiséiert Gestiou vum de geleeschten Iwwerstonne mat sech bruecht. Et ass schwéier nozevollzéien ob déi Stonnen, déi spezifesch am Kader vun de genannte Manifestatioune geleescht gi sinn, um Enn vum concernéierte Mount ausbezuelet ginn, während deem Mount erageholl gi sinn, respektiv weiderhin um Zäitspuerkont sti fir se am Laf vun der Carrière eranzehuelen, oder ob se um Moment vun der Pensioun ausbezuelet ginn.

Erschwéierend kënnst ënner anerem derbäi, dass Iwwerstonnen déi eventuell während deem Mount geleescht goufen, déi awer net mat de Manifestatioune verbonne sinn, an d'Comptabilisatioun vun deem concernéierte Mount afléissen.

Et kann een also just festhalen, dass all concernéierte Member vun der Police d'Iwwerstonne comptabiliséiert kritt, dass keng verluer geet an dass se 'kompenséiert' kenne ginn, ënnert där Form déi de concernéierte Member am beschten arrangéiert.

Lëtzebuerg, den 7. Juli 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX